Lëtzebuerg, den 9. September 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Energie weiderzeleeden:

„Laut dem Generaldirekter vun ArcelorMittal zu Lëtzebuerg wier d'Aktualiséierung vum „Plan de délestage", deen definéiere soll wéi eng Acteuren am Fall vun enger Coupure vum Gas hir Aktivitéit wéi vill an a wéi enger Reiefolleg reduzéiere mussen, nach net fäerdeg – dat obwuel den Hierscht virun der Dier steet.

Vu dass déi verschidde betraffen Acteuren, ënner anerem déi kleng a mëttelstänneg Betriber an d'Industrie, natierlech Previsibilitéit fir déi nächst Méint brauchen, ass et wichteg d'Aarbechten un dësem Plang sou séier et geet ze finaliséieren.

An deem Kader wollt ech dem Här Minister fir Energie folgend Froe stellen:

- *Wou sinn d'Aarbechten un der Aktualiséierung vum genannte Plang drun?*
- *Firwat konnten dës Aarbechte bis elo nach net ofgeschloss ginn?*
- *Fir wéini wäert den aktualiséierte Plang fäerdeg gestallt kënne ginn?"*

Mat déiwem Respekt,

Max HAHN
Deputéierten